

# ABRËLL 2016 N° 42



# FËSCHBER GEMENGEBLAT

**Layout:** Ren Spautz

**Redaktioun:** Dany Hermes, Andrea Wagner, Marc Kolber, Roland Miny, Ren Spautz, Frank Weyrich.

**Mataarbechter:** Patrick Delmarque, Olivier Molitor, Chantal Fohl, Simone Majerus, Nadine Loewen, Paul Provost, Tania Schiltz, Ralph Hermes, Fränk Daems, Claude Malget, Luss Brosius.

**Drock:**
Print Service Mechtel, Luxembourg

**Seite 1:** Foto vum Olivier Molitor
**Seite 2:** Virwuert
**Seite 3:** Fusioun Kierchechéier
**Seite 4:** Cäciliefeier
**Seite 5:** Fairtrade
**Seite 6:** Foussgängerführerschäin
**Seite 7:** Adventsbazar
**Seite 8:** Kannerfloumaart
**Seite 9:** Liichtmëss
**Seite 10:** Réceptioun 2016
**Seite 11:** Réceptioun 2016
**Seite 12:** Kannerfuesbal
**Seite 13:** Kannerfuesbal
**Seite 14:** Konschtausstellung Weier
**Seite 15:** Konschtausstellung Weier
**Seie 16:** Fettendonneschdeg
**Seit 17:** Buergbrennen
**Seite 18:** Olivier Molitor-Bamplanzen
**Seite 19:** Olivier Molitor-Bamplanzen
**Seite 20:** Ee Bam fir de Grand-Duc Jean
**Seite 21:** Préparatiounen éischt Kommioun
**Seite 22:** Hobby-Säit
**Seite 23:** Hobby-Säit
**Seite 24:** Bamschneiden
**Seite 25:** Bamschneiden
**Seite 26:** Albinusfeier
**Seite 27:** Pompjeeën & Camille Kohn
**Seite 28:** Gemengerotssëtzung
**Seite 29:** Gemengerotssëtzung
**Seite 30:** Beieprojet
**Seite 31:** Beieprojet
**Seite 32:** Grouss Botz

## VIRWUERT

Léif Biergerinnen a léif Bierger,

Endlech ass dee laange Wanter eriwwer a lues a lues gëtt erëm alles gréng an der Natur.

Et zitt eis eraus an de Gaart, an de Bësch, an d'frësch Loft.

De Bau vun der Maison Relais an d'Extensioun vun der Grondschoul zu Angelsbierg hunn endlech ugefaangen.

Mat der Ausschaffung vun eisem nei PAG si mir an der Prozedur an an dëse Wochen empfänkt de Schäfferot déi Bierger, déi reklaméiert hunn an eng Entrevue mam Schäfferot gewënscht hunn.

Fir weider Detailer vun eisem gemeinsame Waasserréseau mat den Nopeschgemenge Fiels a Noumer ze klären, hu mir ugangs Mee eng Entrevue mat der Ëmweltministesch.

E puer héichwerteg Concerten an der Fëschber Kierch hunn eis d' Wanterzäit verschéinert a mir freeën eis elo schonn op d'Fête de la Musique am Juni.

Ech wënschen Iech eng gutt Zäit .

Marianne Brosius-Kolber



# Déi zwee Kierchechéier aus eiser Gemeng hu fusionéiert

Am Kader vun enger ausseruerdentlecher Generalversammlung hunn e Méindeg, den 15. Juni 2015 d'Chorale St-Grégoire vu Fëschbech an den Angsber Gesangveräin fusionéiert.

De President vum Angsber Gesangveräin , Lex Kugener, huet d'Generalversammlung opgemat an huet d' Statuten vum neie Veräin virgedroen an expliziéiert. Aus den Discussiounen hu sech e puer kleng Ännerungen erginn, déi d'Memberen eestëmmeg ugeholl hunn. Nodeems lescht administrativ Détailer geklärt goufen ass e neien Comité gewielt ginn, fir dee sech 7 Leit gemellt hunn.

Den Hubert Lanckohr ass de President vun der neier Chorale, d'Alice Trausch ass Vizepresidentin. De Claude Malget krut d'Charge vum Caissier an den Alex Kugener huet d'Sekretariat iwwerholl. Weider Memberen vum Comité sinn d'Jacqueline Dostert, de Camille Kohn an de John Daems a senger Funktioun als Dirigent.

Déi nei gegrënnte Chorale nennt sech : Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous. Hieren Zweck ass et d'Gottesdingschter an eise Paren mat Gesang ze animéiren. Doniewt sinn nach aner sozio-kulturell Activitéiten, an eiser Gemeng an doriwwer eraus, geplangt. D'Chorale steet ënnert dem Schutz vun hire Patréiner, der helleger Cäcilia an dem hellege Grégoire an ass Member an der Union St-Pie , der Daachorganisatioun, déi d'Kiercherchéier aus eisem Land regroupéiert. D'Prouwe si méindes owes ëm 20 Auer entweder zu Fëschbech, Schous oder Angelsbierg. Jiddereen deen interesséiert ass , ass häerzlech wëllkomm a ka sech bei engem vun de Comitésmemberen mellen.

Text a Foto: Chantal Fohl



op der Foto feelt de Camille Kohn

# Éischt Cäciliefeier vun der nei fusionéierter Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous

**Mam Erléis vum Porfest konnten an de leschten 30 Joër 65.198 € u sozial Wierker iwwerwise ginn.**

Viru Kuerzem huet d'Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous op hir éischt Cäciliefeier vum nei gegrënnte Veräin invitéiert.

No jorelaanger gudder Zesummenaarbecht hunn den Angsber Gesangveräin an d'Chorale St-Grégoire vu Fëschbech an de Summerméint fusionéiert. Als éischt Patréinesch huet de neie Veräin déi helleg Cäcilia bäibehal, den hellege Grégoire ass zweete Patréiner.

De President Hubert Lanckohr huet d'Memberen an d'Gäscht vun der Cäciliefeier begréisst an huet de Sänger-innen fir hieren Asaz dat lescht Kierchejoer Merci gesot. Besonnech huet hien d'Porfest ervirgestrach, dat am Juli op der Héicht fir d'éischt als fusionnéiert Chorale organiséiert gouf. Wéi ëmmer waren och dëst Joër nees eng sëlleg fräiwëlleg Mataarbechter am Asaz, déi dozou baigedroen hunn, datt alles gutt geklappt huet.

De Caissier, Claude Malget ass drop agaangen, wat mam Erléis vun dësem Joër geschitt ass. Mat engem Don vun 2000 € ënnerstëtzt déi nei Chorale d'Kierchefabrik vu Meesebuerg-Angelsbierg. Mat dëse Suen bedeelegt d'Kierchefabrik sech un de Reparaturkäschte vun der Uergel an der Angsber Kierch. D'Revisiounskäschten vun der Uergel , déi an de 90-er Joren a Betrib geholl gouf, sinn deemno vun dräi Partner gedroe ginn, der Fëschbecher Gemeng, dem fréieren Angsber Gesangveräin an der Kierchefabrik Meesebuerg-Angelsbierg. De symbolesche Scheck vun 2000 € huet de Kaploun Romain Richer , als Vertrieder vun der Kierchefabrik, entgéintgeholl.

Text: Chantal Fohl



Fast 100 Leute haben sich am 28. November im « Veräinshaus » in Schoos zum dritten « Fairtrade Kaffisbuffet » eingefunden.

Draußen tobte das Wetter, doch drinnen herrschte eine gemütliche Stimmung bei Teeleuchten und herbstlicher Dekoration.

Zum Buffet gehörten viele regionale Produkte und solche aus dem *fairen Handel*, die wir bei der « Bäckerei um Séi Jos a Jean –Marie » (Brot, Frühstücksgebäck,…), beim Metzger Quintus in Mersch (Schinken, Salami,…), bei der Eppelpress aus Eppeldorf (Marmelade, Apfelsaft…), dem « Weltbuttek » in Ettelbrück und Diekirch (Müsli, Tee,…) , im Cactus (Obst, Joghurt, Käse, Saft, Butter, Eier…) und bei einem lokalen Bienenzüchter (Honig) fanden. Die Schüler der *Angsber Schoul* hatten im Vorfeld viele tolle Plakate mit interessanten Informationen zum *fairen Handel* und zu einer nachhaltigen Entwicklung entworfen und stellten sie bei dieser Gelegenheit im « Veräinshaus » aus.

Herr Lucien Reger von *Naturwelten* in Bonneweg hielt einen Vortrag über fair gehandelte Textilien und meinte, dass es schon ein wertvoller Anfang sei, wenn sich die Menschen Fragen stellen über die Herkunft der Textilien, die sie kaufen.

Den Leuten hat es gut geschmeckt und wir würden uns sehr über einen weiteren Besuch bei unserem nächsten Fairtrade Kaffisbuffet am 13. November im kommenden Jahr freuen!

Die Fairtrade-Gruppe der Gemeinde Fischbach

# Fairtrade Kaffisbuffet 2015









# Foussgängerführerschäin




D'Schoulkanner aus dem Précoce a Cycle 1 hunn de 27. November 2015, ënnert der fachmännescher Begleedung vum Patrick Eiffes, vun der Police Grande-Ducale, dem Léierpersonal an Eltere vun de Kanner, geléiert, wéi ee sech sécher am Stroosseverkéier beweegt.

Well de Schoulwee hautdesdaags ëmmer méi geféierlech fir d'Kanner gëtt, ass dëst eng gutt Initiativ, fir d'Kanner op déi verschidde Geforen opmierksam ze maachen.

Zum Schluss huet all Schüler en Diplom iwwerreecht kritt.

Text: Ren Spautz a Fotoen: Nadine Loewen








Wéi all Joer hat d'Maison Relais vu Schous am November een Adventsbazar organiséiert, zesumme mat de Kanner, am Veräinshaus op der Héicht.

Et gi Stänn opgeriicht mat Gebäck, Gegrilltem, Glühwäin an alles wat op esou een Adventsbazar hi gehéiert.

D'Kanner hunn zesumme mam Léierpersonal an den Erzéier, Danz a Gesang astudéiert, fir esou op hirem Bazar den Elteren an anere Gäscht, dëst an enger Opféierung op der Bühn virzedroen.

Text: Ren Spautz a Fotoen: Nadine Loewen





# Kannerfloumaart



All puer Joer fënnt am Veräinshaus ee Kannerfloumaart statt. Spillsaachen, Schong a Kleedung, déi vun de Kanner net méi sou gebraucht ginn, wiesselen deen Dag fir e bessi Geld, de Besëtzer.

Wat net fort geet, stëften d'Kanner zesumme mat der Elterevereenegung, dem Hëllefsgrupp, Frënn vun Csókakő asbl. Hiefenech, déi et dann dorower an Ungarn transportéieren, fir de Kanner zu Csókakő mat de Spillsaachen aus der Gemeng Fëschbech, eng Freed ze maachen.

Text: Ren Spautz a Fotoen: Nadine Loewen





# Mir gi liichten



Fotoen: Nicole Weber a Ralph Hermes






GEMENGE-

# RECEPTIOUN











# Kanner



# fuesbal











# Konschtausstellung an der Kapell vu Weier

12, 13, 19, 20. Dezember 2015



Doris Becker



Katarzyna Kot-Bach

Op hier éischt Manifestatioun, eng Konschtausstellung an der Kapell vu Weier, hat déi nei gergrënnten Associatioun: Kultur op der Héicht, mat den zwou Kënschtlerinnen, Doris Becker a Katarzyna Kot-Bach, agelueden.
De Vernissage vun däser Ausstellung hat nach ewell vill Konschtinteresséierter op Weier gefouert. Viru bal voller Kapell huet de Präsident vun der Associatioun, de Rick Stein, déi vill Leit begréisst. Präsent vun der Fëschbecher Gemeng war d'Simone Majerus-Schmit, Scheffin an d'Marie-Louise Haas-Erpelding, Conseiller.
Nom Rick Stein war et d'Simone Majerus, datt seng Bewonnerung fir déi ausgestallten Exponaten, ausgedréckt huet an der nei gegrënnter Associatioun fir hiert éischt Engagement an der Gemeng Fëschbech, gratuléiert huet.
Mam Eierewäin, offeréiert vun der Gemeng, ass dësen Owend bei intressante Gespréicher zu Enn gaangen.







Text a Fotoen: Ren Spautz







16

Fotoen: Nicole Weber, Rol Miny

# Fettendonneschdeg









# Buergbrennen







**Fotoen: Mich Farenzena, Ralph Hermes, Tania Schiltz, Jerry Mutsch**



# Mir planzen Uebstbe

## vum Olivie





**O**ch dëst Joer hu mir nees eng ganz Parti Uebstbeem geplanzt.

Zu Schous beim Marc Simon hu mir 40 Uebstbeem geplanzt. D'Bëschaarbechter hunn am Virfeld nees mat décken Eechepéil an Drot Kadere gebaut fir datt d'Ranner d'Beem net futti maache kënnen.

De 15. Mäerz dëst Joer hunn d'Kanner vum Cycle 3.2 aus der Angsber Schoul matt hiere Jofferen Lucie & Manon eis äifreg mat Spuet an Heel gehollef fir déi Uebstbeem ze planzen. Hei sinn eng ganz Rei méi seele Lëtzebuerger Zorte geplanzt ginn: Jonagold, Roter Boskoop, Triumph, Winterambour, ... an awer och Nësserten, wouriwwer dem Marc seng Béischte sech freeë wäerten, well d'Nësserte jo bekanntlech d'Mécken ofhalen.





# eem an der Gemeng

## r Molitor





Och zu Weier beim Marcel Ewen hu mir en neie Bongert geplanzt mat 30 verschiddene Beem.

Och hei sin mei seele Lëtzebuerger Zorte geplanzt ginn.

Dës Planzaktioun gouf de 17. März matt de Kanner vum Cycle 3.1 matt de Jofferen Mireille & Manon ënnerholl.



Och hei sinn zolidd Kadere gebaut ginn, well hei am Summer dem Marcel seng Päerd stinn.

No der Arbecht ass et nach als Stäerkung e gutt Glas Jus, Mëllech oder Waasser ginn, an duerno hunn d'Kanner sech erëm op den Heemwee gemaach.







# Ee Bam fir de Grand-Duc Jean

Op Initiativ, vum Lions Club, District 113 Lëtzebuerg, wou den Grand-Duc Jean, Gouverneur honoraire ass, dem Lions Club Lëtzebuerg Amitié an der Natur & Ëmwelt–Fondation Hëllef fir d'Natur, gouf den 5. März beim Veräinshaus op der Schéisser Heicht e Bam (Wanterlann) geplanzt, fir dem Grand-Duc Jean, sengem 95. Geburtsdag ze gedenken.

Dës Planzaktioun huet a Präsenz vum Här Léandre Mignon - Chambellan de S.A.R. le Grand-Duc Jean, der Buergermeeschtech aus eiser Gemeng, dem Marianne Brosius-Kolber mat Memberen vum Gemengerot an 2 Memberen vun der Ëmweltkomissioun, stattfond.

Uschléissend huet d'Gemeng nach op e Patt invitéiert.

Text: Olivier Molitor

# Préparatiounen op d'éischt helleg Kommioun





D'Kommiounskanner aus der Gemeng Fësch-bech bereede sech op hier éischt helleg Kommioun vir.

Dofir ware si Samschdeg, de 5. Mäerz, op d'Heringer Millen an de Mëllerdall, Brout baken.

Och d'Ouschterkäerzen fir d'Joer 2016 hunn si gebastelt a Lidder fir d'Mass geprouft.

Text a Fotoen: Luss Brosius



# Hobby-Säit

## Phillippe Faber vu Fëschbech



Zënter e puer Joer ass d'Velofueren hei zu Lëtzebuerg rëm grouss an der Moud. Zënter d'Gebridder Schleck um internationale Niveau gewisen hunn, wéi ee Velo fiert, ass kaum ze leegnen, datt déi Sportaart kräfteg u Popularitéit gewonnen huet.

An dach wëssen di mannst, datt mir hei an der Gemeng och e lëtzebuerger Champion am Cyclissem wunnen hunn. An deen, vun deem mir hei schwätzen ass dat net nëmmen eemol gewiescht, mee suguer zweemol an och nach zweemol hannereneen. Et geet hei Rieds vum Philippe Faber vu Fëschbech, deen 2013 an 2014 de Championat bei den Amateure gewonnen huet. Dat gëtt haut och Kategorie „Elite sans contrat" genannt. De jonke Schoulmeeschter ass den 10. November 1981 gebuer.

„Ech sinn eréischt zimlech spéit derzou komm fir Velo ze fueren. Virdrun hunn ech zu Luerenzweiler Futball gespillt an du huet meng Schwëster mech iwwerried an d'Liichtathletik ze wiesselen."

Wann een d'Resultater kuckt, da schéngt dee Wiessel him gutt bekomm ze sinn, well de 17. Juni 2000 ass e bei de Junioren iwwer 2000 Meter steeple a 5'58"53 nationale Rekord gelaf, an dee besteet nach bis haut. Och an der Staffel op där méi ongewéinlecher Distanz vun 4 x 800 m hält en haut nach de lëtzebuerger Rekord mat senge Kollege vun der Spora (7'44"23).

Mee de grousse Changement koum dunn wéi säi Knéi net méi matgemaach huet. Zwou Operatioune méi spéit koum et net méi a Fro, fir ze lafen an deen eenzege Sport, dee bliwwen ass war de Velo. An esou koum et, datt de Philippe 2003 zu Dippech bei d'Union Cycliste gaang ass. De fréiere Profi, de Lucien Didier, huet en ënnert seng Fittiche geholl an du ass et gläich Schlag op Schlag gaang. Direkt an der éischter Saison hu se nach e Mann gesicht fir an der Flèche du Sud matzefueren an dat war dunn de Philippe.

„Dat war natierlech eng haart Erfarung. Ech konnt zwar all Etappe zimlech gutt matfueren, mee bei där leschter hu mer zu Esch missen e puer mol de „Col de L'Europe" fueren an do sinn ech bal gestuerwen. Sou sinn ech dann 30 km virun der Arrivée an d'Voiture balai geklommen."

5 Flèche du Sud méi spéit an no enger éischter Victoire am Frankräich huet de Philippe Selbstvertraue getankt gehat an 2013 war et dunn su wäit. Bei der lëtzebuerger Meeschterschaft zu Dippech huet en am Sprint gewonnen a konnt sech de 'roud-wäiss-bloen' Trikot iwwersträifen.

„Duerch mäin Erfolleg am Frankräich hunn ech mer geduecht, datt am Fong eppes méi dra misst sinn an du hat ech mer an de Kapp gesat ze gewannen an duerno opzehalen, well meng Famill ze kuerz komm ass. Bei där Course si mir Amateuren eng Zäitchen an deemselwechte Grupp gefuer wéi den Andy Schleck. Wéi meng Fra mech herno am Championsmaillot gesinn huet, huet se geméngt ech sollt trotzdem nach eng Saison weidermaachen. Da kënnt ech wéinstens och dovu profitéire fir iwwerall mam Championsmaillot ze fueren."

A wéi d'Geschicht ons léiert war dat guer keng sou eng schlecht Décisioun well 2014, e Joer duerno, huet de Philippe erem zougeschloen. Erem, Éischten, erem Champion de Luxembourg. An dann nach eng Saison?

„Nee, do war awer wierklech Schluss. Schliisslëch gëtt et jo näischt méi Schéines wéi mat enger Victoire opzehalen. Woubäi ech schon nach e bësse fueren. Heiansdo schéckt meng Fra mech suguer, wa se fënnt ech wär ze nervös."

Elo bleiwt awer Zäit fir d'Famill mat den 2 Meedercher, wou dat eelst an der Angsber Schoul ass. Mee, wéi een dat bal kënnt erwaarden, gëtt et do awer scho rem e Projet, dee mat Velo ze dinn huet.

„Mat engem Kolleg si mer amgaang ze iwwerleeën fir 2018 den „Tour du Mont Blanc" ze fueren. Dat ass ëmmer am Juli a geet an engem Dag iwwer 330 km."

Also opgepasst wann der doruechter mat dem Auto ënnerwee sidd: dee Cycliste, deen iech iwwerhëllt ass vläicht de Philippe!






Text a Fotoen: Frank Weyrich

# Uebstbamschnëttcours zu Angelsbierg

D'Wieder huet nawell gehaalen, Samschdeg-Mëttes den 5. März, wéi d'Ëmweltkommissioun aus der Gemeng Fëschbech op Initiativ vum Marc Thiel vun der Biologëscher Statioun Naturpark Mëllerdall an an Zesummenaarbecht mat der ANF-Triage Larochette  zu Angelsbierg an der Famill Damgé hirem Bongert, genannt « Breetwiss », op een Uebstbamschnëttcours invitéiert hat. Déi eeler Beem an dësem Bongert hunn den Alter vu ronn 72 Joer, déi jonk em déi 8 Joer. An der Haaptsaach stinn an dësem Bongert Äppelbeem awer och deen een oder anere Quetschebam oder jonke Kiischtebam.

Eng ronn 25 interesséiert Leit waren der Invitatioun nokomm a kruten fir d'éischt vum Marc Thiel déi néideg fachmännësch Erklärungen aus der Theorie wéi den Uebstbamschnëtt un Hand vun der « Oeschberg-Methode » funktionéiert.
D' « Oeschberg-Methode » ass sënnvoll wa jonk Uebstbeem sollen erzu ginn. Dem Bam säi Gerüst gëtt dee Moment kloer gegliddert an opgedeelt op Mëtt, Leedäscht, Fruuchtäscht a Fruuchtholz. Wann d'Gerüst définéiert ass, geet et un d'Aarbecht.
Mam richtege Material huet de Marc seng Theorie u jonken Äppelbeem an d'Praxis emgesaat. Dobäi huet hien, esou wéi daat soll sinn, d'Leit mat agebonnen. Virun an no all Schnëtt huet hien erklärt wéisou a firwaat dësen oder deen Aascht éliminéiert gëtt. D'Leit konnten dee Moment hiren Avis ofginn, Froe stellen a sech je nodeem beléiere loossen oder souguer selwer schneiden, wouvun och profitéiert gouf.

Duerch dee stramme Wand op dësem Nomëtteg, ass et deene meeschte Leit mat der Zäit ëmmer méi kal ginn. Fir d'Motivatioun héich ze halen haten d'Memberen vun eiser Kommissioun virgesuergt a Kaffi, Kuch, Fueskichelcher, Viez an natiirlech eng Angsber Drëpp mat op d'Plaz bruecht. No dëser Stärkung déi deen een oder aneren erëm entdeet huet, goung et ënnert dem Gejäiz vun de Krukerten weider mam Schnëtt.







Zum Schluss ass nach kuerz no deenen alen Uebstbeem gekuckt ginn, bei deenen d'Oeschberg-Methode nëmmen méi zum Deel ka praktizéiert ginn, well ganz oft de Moment verpasst gouf fir de Bam a jonkem Stadium no dëser Method ze erzéien. Et gëtt bei dëse Beem haaptsächlech doudegt Holz an Messpëlt éliminéiert. Doniewt ginn déi Äscht ewech geschnidden, déi staark no ënnen hänken an déi aanerer schauerern oder stéieren. Alleguer d'Äscht déi horizontal respektiv no uewen wuessen an net stéieren, bleiwen erhaalen.

No dësem intressante Cours huet bestëmmt esou munchereen eppes bäigeléiert an daat war jo och den Zweck.
E grousse Merci dem Marc Thiel fir säin Asaz awer och alle Leit déi sech dee Mëtteg Zäit geholl haten. Den Interessi war do an duerfir war dës Aktioun bestëmmt net déi läscht bei eis an der Gemeng am Beräich Uebstbeem.

fir d'Kommissioun fir Ëmwelt an Liewensqualitéit
aus der Gemeng Fëschbech
Fränk DAEMS





# Albinusfeier

Am Sonntag den 13. März wurde der Hl. Albinus aus der Fischbacher Kirche nach Angelsberg gebracht.

Hier wurde die Sonntagsmesse, verbunden mit einer Taufe, gelesen. Anschließend segnete Pfarrer Romain Richer die landwirtschaftlichen Traktoren, sowie die Feuerwehrwagen vor der Kirche.

Zum Abschluss wurde in die Angsber Brennerei eingeladen um die Feier gebührend abzuschliessen.

Und laut der Bauernregel wird es ein gutes Jahr für die Bauern, denn die Sonne strahlte über Angelsberg.

**Bauernregeln:** Regnet's stark an Albinus, / macht's dem Bauern viel Verdruss!

Albin Regen / kein Erntesegen.

Wenn es an St.Albin regnet, gibt es weder Heu noch Stroh.

Text: Luss Brosius & Fotos: Claude Malget







# Ausfluch vun de Pompjeeën

D'Pompjeeën aus der Gemeng Fëschbech ware mat hire Familljen op den Ausfluch.

Sonndeg, de 6. Mäerz no der Mass ass et mam Bus op Rëmeleng an Brasserie du Musée gaangen, wou zesummen ze Mëtteg giess ginn ass.

Um 14.30 Auer ass et dunn mam Zichelchen an d'Minière vu Rëmeleng gaangen. Hei huet de Roby eis während méi ewéi 2 Stonnen d'Liewen vun engem Minnenaarbechter erklärt.

Et war keen einfacht Liewen ënnert dem Buedem. Och iwwert d'Geschicht an d'Entwécklung vun de Maschinnen si mir vill gewuer ginn.

En Ausfluch op Rëmeleng kann ech op dëser Platz nëmmen recommandéieren. Méi Infoen fannt der ënner Musée National des Mines: www.mnm.lu

Text: Luss Brosius



*****

# Eierung vum Camille Kohn

E Sonndeg, de 6. Mäerz, huet eise Gesang ewéi ëmmer eng flott Mass gesongen, mee dës Kéier war eppes Spezielles um Schluss vun der Mass.

Den Organist, Camille Kohn, ass geéiert ginn fir méi wéi 46 Joer wou hien zu Fëschbech den Toun ugëtt. Den Hubert Lanckohr huet eng Ried gehalen an dem Camille e klenge Cadeau als Merci iwwerreecht. De Kaploun Romain Richer konnt sech dësem Merci nëmmen uschléissen.

Text & Foto: Luss Brosius



## Compte-rendu de la réunion du conseil communal du 16 décembre 2015

**Présents:** M/Mme Brosius-Kolber, Karier, Majerus-Schmit, Haas-Erpelding, Daems, Trausch *(M. Trausch est présent à partir du point 2)*

**1)** Est approuvé le compte-rendu de la séance du 29 septembre 2015 (à l'unanimité).

**2)** Est décidé à l'unanimité :

· d'aviser favorablement le projet de règlement grand-ducal portant création des zones de protection autour des captages d'eau souterraine Dreiburen, Débicht et Laangegronn sous réserve d'une analyse profonde des réclamations et des demandes nous parvenues et d'inviter les services compétents à se concerter avec les propriétaires et bailleurs oeuvrant dans le secteur agricole afin de ne pas rendre impossible par endroits une exploitation agricole

· de prendre connaissance du fait que l'autorisation de constructions et de chantiers dans la localité de Schoos nécessitera à l'avenir une règlementation plus sévère ainsi que le contrôle y relatif

· de proposer la création de conventions de coopération entre la commune et les exploitations agricoles

· de préciser que le captage de la nouvelle source d'eau potable au lieu-dit « Laangegronn » présente une sécurité pour le réseau d'eau potable communal ainsi qu'un pilier important pour la réalisation du réseau régional d'eau potable

· de préciser que la commune de Fischbach n'a pas de terrains agricoles libres en vue de la compensation éventuelle des terrains hypothéqués avec les paysans

· de ne pas vouloir modifier les conditions prévues dans les baux de fermage conclus au lieu-dit « Seitert » à Fischbach



**3)** Sont approuvés les statuts de l'asbl « Kultur op der Héicht » avec siège à 2B, rue Beringerberg L-7410 Angelsberg.

**4)** Est décidé le règlement d'ordre interne relatif à l'admission des enfants à l'éducation précoce (à l'unanimité) :

**Conditions d'admissibilité**

Le collège échevinal peut décider d'accepter, dans la mesure du possible, des admissions jusqu'au début du 2e trimestre pour les enfants résidents âgés de 3 ans révolus.

**Procédure**

L'inscription se fait par le biais du formulaire d'inscription qui est envoyé chaque année au cours du mois de février par l'administration communale aux parents/tuteurs des enfants qui répondent aux critères d'âge et de résidence avant la date du 1er avril.

**Confirmation de l'inscription**

Une lettre de confirmation sera envoyée par l'administration communale au plus tard au courant du mois de mai aux parents ayant respecté le délai d'inscription.

**Constitution des groupes**

Les plages des groupes sont constituées en fonction des demandes et dans la limite du contingent ainsi que des capacités des infrastructures communales.

**Exceptions**

Les parents ou tuteurs venant de déménager dans la commune de Fischbach au cours de l'année scolaire et désirant inscrire leur enfant au précoce doivent introduire une demande auprès de l'administration communale.

Les non-résidents de la commune peuvent adresser une demande si :

- La garde de l'enfant est assurée par un membre de la famille habitant la commune de Fischbach jusque et y compris le 3e degré ;
- La garde de l'enfant est assurée par une tierce personne habitant la commune de Fischbach exerçant une activité d'assistance parentale agréée par l'Etat ;
- La garde de l'enfant est assurée par un organisme situé sur le territoire de la commune de Fischbach et oeuvrant dans le domaine socio-éducatif agréé par l'Etat.

Dans le cas d'une réponse favorable, l'équipe pédagogique du précoce décidera du groupe et de la classe qui accueillera l'enfant et en informera les parents.

**Changement de groupe/d'horaire pendant l'année scolaire**

En principe, un changement de groupe/d'horaire est accordé à la demande des parents ou de l'équipe pédagogique dans la mesure du possible.

**5)** Est approuvé l'acte de cession no 2808/15 du 15 octobre 2015 entre les consorts Brosius Gilbert et Georges et la commune de Fischbach relatif à la cession d'une emprise de terrain d'une contenance de 2 ares 57 centiares, située à Angelsberg « rue de Meysembourg » et inscrite au cadastre de la commune de Fischbach, section E, n° 258/1581 (à l'unanimité des membres présents).

**6)** Reporté à une séance ultérieure (à l'unanimité).

**7)** Est reclassé le poste d'ouvrier communal de la carrière C, crée le 14/11/2013, en poste d'ouvrier communal de la carrière E à partir du 1er janvier 2016 (à l'unanimité).

**8)** Est décidé de ne plus allouer de trimestre de faveur aux ouvriers communaux et ceci à partir du 1er mai 2015 afin d'assimiler tous les salariés de la commune de Fischbach.

**9)** Est approuvée la saisine du conseil communal du projet d'aménagement général (PAG) de la commune de Fischbach, partie écrite et graphique, avec étude préparatoire, rapport de présentation et rapport sur les incidences environnementales. Le collège échevinal est chargé de l'exécution de la présente décision conformément au chapitre 3 'Procédure d'adoption du plan d'aménagement général' de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain (à l'u

**10)** Est approuvé le budget rectifié de l'exercice 2015 (à l'unanimité) :

| Rectifié 2015 | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Total des recettes | 4.165.458,82 | 182.293,00 |
| Total des dépenses | 3.024.870,00 | 3.025.383,00 |
| Boni propre à l'exercice | 1.140.588,82 | |
| Mali propre à l'exercice | | 2.843.090,00 |
| Boni du compte de 2014 | 3.969.204,89 | |
| Mali du compte de 2014 | | 1.223.404,34 |
| Boni général | 5.109.793,71 | |
| Mali général | | 4.066.494,34 |
| Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire | - 4.066.494,34 | + 4.066.494,34 |
| Boni présumé fin 2015 | 1.043.299,37 | |

**11)** Est approuvé le budget de l'exercice 2016 :

| 2016 | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Total des recettes | 4.399.623,00 | 3.078.500,00 (emprunt de 2.000.000 EUR) |
| Total des dépenses | 3.548.201,00 | 4.278.604,00 |
| Boni propre à l'exercice | 851.422,00 | |
| Mali propre à l'exercice | | 1.200.104,00 |
| Boni du compte de 2015 | 1.043.299,37 | |
| Boni général | 1.894.721,37 | |
| Mali général | | 1.200.104,00 |
| Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire | - 1.200.104,00 | + 1.200.104,00 |
| Boni présumé fin 2016 | 694.617,37 | |

*****

# Beieprojet – eng Initiativ vun der Ëmweltkommissioun aus der Gemeng Fëschbech





**Den 22. Februar huet d'Kommissioun fir Ëmwelt a Liewensqualitéit aus der Gemeng Fëschbech op eng Informatiounsversammlung iwwert hire « Beieprojet » an d'Veräinshaus « Op der Héicht » invitéiert. Zur Freed vun den Organisateuren waren deen Owend ronn 40 Leit präsent an hunn domat hiren Intérêt un der Bei an hirer Aarbecht ënnerstrach.**

**No enger kuerzer Begréissung vun de Leit an den Invitéeën duerch de President vun der Ëmweltkommissioun huet den Andreas Reichart, beruflëchen Beieberoder vun der FUAL (Fédération des Union d'Apiculteurs du Grand-Duché de Luxembourg), als Aféierung e ganz interessanten Virtrag gehaalen iwwert d'Bestäubungsleeschtung vun de Beien an vun aneren Insekten.**



**Duerno huet den Fränk Daems am Numm vun der Ëmweltkommissioun de Beieprojet präsentéiert. Als Ofschloss ass de Marc Thiel, vum Service écologique / Station biologique vum Naturpark Mëllerdall, a sengem Virtrag op de Beien- an den Imkerbestand zu Lëtzebuerg agaangen, deen däitlech beleed dass d'Imkerzuel an doduerch och d'Beievölkerzuel zanter e puer Joer am Grand-Duché klëmmt. Dertëschent an duerno beim Patt war Plaz fir Froen aus dem Public wou déi Hären Nico Turmes an Marcel Straus vum Mierscher Beieveräin niewent deenen zwee Referenten de Leit Ried an Äntwert stoungen.**

## Waat ass d'Ziel vum Beieprojet ?

**Eise Beieprojet huet als Ziel d'Iwwerliewenschancen vun de Beien ze erhéijen an gläichzäiteg interesséiert Leit aus eiser Gemeng un d'Imkerei erunzeféieren a si ze ënnerstëtzen, sief et duerch d'Knäppen vu Kontakter oder duerch d'Proposéieren vun engem Site fir e Beiestand ze plazéieren.**

**Mat Hëllef vun eisem Fierschter an enger Imkerin, dem Renske Kolber, huet eis Kommissioun ronn eng Dosen potentiel gëeegent Siten um Areal vun eiser Gemeng erausgesicht fir Beiestänn ze installéieren. No Räckspro-och mat den Propriétairen vun dëse Parzellen kënnen dës Siten deenen interesséierten Imker zur Verfügung gestallt ginn. D'Benotzen vun dësen Siten als Beiestand soll dann per Conventioun schrëftlech tëscht dem Propriétaire an dem interesséierten Imker festgehaalen ginn.**

## Brauchen mir d'Beien an wéi eng Geforen ginn et fir d'Bei ?

**Et ass gewosst, datt et ouni Beie keng Biodiversitéit gëtt an dass d'Beien duerch hir Bestäubungsleeschtung absolut néideg si fir eis Landwirtschaft an déi privat Geméis- an Uebstproduktioun. Grad esou bekannt ass awer och dass d'Beien et nët einfach hunn an ganz oft esou guer em hir Existenz muss gefaart ginn. Den Ausdrock « Beiestierwen » ass omnipräsent. D' Experten sinn iwwer d'Ursaachen gedeelter Meenung. Sëcher ass awer dass d'Existenz vun der Bei ënnert anerem ofhängeg ass vum Befallsdrock duerch déi geféierlech Varroamilb, vum Asatz vun Planzeschutzmëttel, a vun der Ënnerstëtzung duerch de Mënsch.**



**Och wann et no dëser Infoversammlung net de groussen Rush op déi proposéiert Siten gouf, huet sech dach eppes beweegt an eiser Gemeng a Saachen Beien an daat ass daat wichtegst. E puer Leit hu sech an d'Schnuppercoursen am « Beienhaus » zu Iechternach ugemëllt, Kontakter tëscht Imker an eventuelen zukünftegen Imker goufe geknäppt wat eng Begleedung op de Beiestand an eng Aféierung an d'Imkerei méiglech mecht, zwee Siten goufe reservéiert wou dëst Joer Beiestänn wäerten installéiert ginn. Onofhängeg vum Beieprojet sinn zanter Januar dräi jonk « zukünfteg » Imker aus eiser Gemeng an den Beiecoursen vum Mierscher Beieveräin ageschriwwen, ee véierten ass no eiser Infoversammlung nach dobäi komm.**

**Jiddwereen ass gefrot fir d'Beien (op Hunnegbei oder Wëllbei) ze ënnerstëtzen, a mir hoffen dass deen aktuellen Intérêt un der Bei net just een Trend ass mee een Dauerzoustand bleiwt.**

**Merci nach eng Kéier un d'Invitéeën vum Owend mat hirem Fachwëssen, alle Leit déi gehollef hunn de Projet op d'Been ze stellen an natiirlech deene Leit déi sech op d'Infoversammlung déplacéiert haten.**

**fir d'Kommissioun fir Ëmwelt a Liewensqualitéit aus der Gemeng Fëschbech**
**Fränk DAEMS**

*Hei nach e puer nëtzlech Linken :*
http://beieprojet-ceqv-gemeng-feschbech.blogspot.lu/
http://www.naturpark-mellerdall.lu/uploads/media/Imkerschnupperkurs_2016_Echternach.pdf
http://www.apis.lu/



# Grouss Botz 2016





Den 2. Abrëll war et erëm souwäit an eng ganz Partie engagéiert an ëmweltbewosst Biergerinnen a Bierger haten sech bei agreabelem Fréijoerswieder fir d'Grouss Botz em 14.00h beim Veräinshaus op der Héicht versammelt. 41 Erwuessener an 21 motivéiert Kanner waren der Invitatioun vun der Ëmweltkommissioun nokomm.

No der Formatioun vun den Equipen an der Opdeelung vun den Tournéeën goung et lass. Eng ronn 60km Trajet goufe gebotzt a wéi all Joer haten déi Onverbesserlech sech et och an de läschten 12 Méint net huelen geloss fir hire Knascht op e Neits an d'Natur ze geheien.
Et ass ee bal a leider forcéiert ze soen : « Op si ass Verlooss ! »

Bei deem waat esou laanscht d'Wëeer, d'Bëscher, d'Wisen an d'Felder opgeraf gouf, sinn der Fantasie bal keng Grenze gesat. Fernseh, Computer, Ressort vun engem Bett, WMF Däppen mat Zopp dran, Kazefudder an der zouenner Béchs, awer och déi klassesch Béier-Béchsen, Fläschen, Zigarettepäck etc. waren dobäi. Alles an allem goufen ronn 500kg (!) Knascht opgeraaf an duerno vum Laurent a vum Gibbes mat de Gemenge-gefierer beienee gefouert.

No der kaler an däischterer Joereszäit hätt op dësem schéinen a waarme Fréijoersdag bestëmmt jiddwereen doheem eppes ze di gehat. Emsou méi grouss ass de Merci am Numm vun eiser Kommissioun an der Gemeng Fëschbech un all déi Leit a virun allem och un d'Kanner, déi sech dëse Nométteg fräi gehalen haten an der Natur een aktiven Dëngscht geleescht hunn. Chapeau !

Am Veräinshaus gouf et no der Botz fir Kléng a Grouss Bouchée à la reine, offréiert vun eiser Gemeng, ier den Dag an gesëlleger an gemittlecher Atmosphär ausklënge geloss gouf.

fir d'Kommissioun fir Ëmwelt a Liewensqualitéit aus der Gemeng Fëschbech
Fränk Daems